

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Arméiminister, den Här Bausseminister an den Här Policeminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Die ukrainische Fremdenlegion*" deen de 14. Mäerz um däitsche Zitt "*Behörden Spiegel*" publizéiert gouf, ass ze liesen, datt am Kader vun der Ukrainkris eng Rei Hackerugriff op russesch Ziler, vun däitschem Terrain aus registréiert goufen. Nom internationale Recht kann esou en Akt als eng Form vun Aggressioun consideréiert ginn.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- 1) Huet d'Regierung Kenntnes doriwwer, datt Leit vum nationalen Territoire aus probéiere russesch oder ukrainesch IT-Ziler unzegräifen an domat riskéieren, Lëtzebuerg als Aggressor géint eng vun deenen zwou Konfliktparteien do stoen ze loossen? Wéi eng Moossnamen hëlt d'Regierung fir sou eng Situatioun preventiv ze ënnerbannen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten